Bericht vun der G.V. vun der Entente du Centre vum 07.02.2020 zu Steesel am Fëscherchalet

A sénger Usprooch konnt de Präsident Retter Marc 19 Leit aus 8 Veräiner begréissen.
3 Veräiner waren entschëllegt.
Merci och dem Schweich Dan, FLPS, fir séng Präsenz.

Den Tätegkeetsbericht vun der Saison 2019, opgesaat vum Sekretär Fux Raymond,
gouf mat Applaus bestätegt.

Ee grousse Merci un de Neumann René fir déi super Internetsäit vum Kirchbierger Fëscherklub.
Hei fënnt een all Informatiounen déi ee brauch.
Merci och dem Schweitzer Erny fir séng Fotobeiträg.

De Keessbericht vum Keessjee Schertz Raymond gouf, nodeems d'Keessrevisoren
Block Jean a Rinnen Marcel Décharge ugefroot haten, mat Applaus bestätegt.
Déi zwee Keessrevisoren sin och gewëllt weider ze machen.

Den aktuellen Komitee besteet aus folgende Persounen:
Präsident: Retter Marc,
Sekretär: Fux Raymond (war austriedend an erëm wielbar)
Keessjee: Schertz Raymond
Beisëtsend: Mousel Claude, Steyer Norbert, Thill Lucien (war austriedend an erëm wielbar)

Coupe du Centre 2020 gët organiséiert vum Hollerecher Fëscherklub dëst bei Geleegenheet
vun hirem 75 Jähregen bestoen.
Coupe du Centre 2021 gët organiséiert, och fir hiren 75 Anniversaire, vum Fëscherklub
vu Miersch (wahrscheinlech op der Uelzecht)
No der Propose vum Pletgen Val gouf desidéiert dat d'Fëscher, vu dat ët der jo nët méi sou vill sin, egal wat fir eng Kategorie, all beieneen sollen sëtzen (déi selwecht Streck), am Generalklassement awer nach extra opgefouert gin.

FLPS Kongress 23.02.2020. Ët gouf iwwert déi 10 Anträg gekuckt.
Speziell iwwert d'Anträg no 4 (Verbleiung Monturen asw) a no 10 (Beiträg FLPS ab 2020)
ass vill diskutéiert gin.
De Schweich Dan huet Erklärungen zu deem ganzen gin.

Den Dan soot Merci fir d'Invitatioun a wënscht eng flott Saison 2020.

De Flohr Lucien, Mëmber am Sportsgeriicht FLPS, huet nach e puer Wuert veluer iwwert dat villt fuddelen op de Concouren vun der Saison 2019.

A sëngem Schlusswuert soot de Retter Marc Merci fir Äer Präsenz a wënscht eng gutt Saison 2020.
Ee spezielle Merci un de Steeseler Fëscherklub fir zur Verfügung stellen vun hirem Fëscherchalet a fir déi gutt Charcuterieplateauen a Fuesenskichelcher déi si ons no der Versammlung zerwéiert hun.

Fux Raymond
Sekretär